



Seul le discours prononcé fait foi

**Fête nationale 2018**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours du Premier ministre, ministre d'État**

**Xavier Bettel**

Monseigneur,

Altesses Royales

Här Chamberspresident,

Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Léif Regierungskollegen,

Dir Dammen an Dir Hären,

Haut si mer hei beieneen an engem aussergewöhnleche Kader fir Groussherzogsgebuerdsdag, fir eisen Nationalfeierdag zesummen ze verbréngen. Mir halen een Ament stëll an denken iwwer eis selwer no. Mir beschäftegen eis mat eise Wäerter, mat eisen Traditiounen, mat eiser Geschicht a mat eiser Zukunft.

An eisem Alldag si mer virun allem mat deem beschäftegt, wat virun eis läit. Mir plangen déi nächst Etappen, kucken no vir a versichen Erausforderungen ze meeschteren. Dat ass an der Famill esou, op der Aarbecht, an der Schoul an och an der Politik. Mir preparéieren eis permanent op d 'Zukunft.

Dat ass gutt an dat ass néideg. Mir brauche Bléck no vir a mir mussen de Kanner, deene Jonken, de Generatiounen déi no eis komme Perspektive ginn an alles duerfir maachen, dass och si a Fridden, Fräiheet a Sécherheet kënnen liewen.

Mir sollen eis awer och mat eiser Geschicht beschäftegen.

Um Dag, wou mer eist Land, eis Natioun, den Erfollegmodell Lëtzebuerg feieren, ass et ubruecht sech verstärkt mat deem auserneen ze setzen, wat an der Vergaangenheet läit an eis och mat deene

Mënschen an eiser Gesellschaft ze beschäftegen, déi mat Erfahrung a mat grousem Wëssen d'Géigewaart bewäerten.

Déi demographesch Entwécklung geet an d'Richtung, dass Leit zu Lëtzebuerg méi al ginn. D'Zuel vun de Matmënschen an eiser Gesellschaft, déi hiert Berufsliewen hannert sech hunn, déi vläicht Grousselteren oder Urgrousseltere sinn, ass an de leschte Joerzénge an d'Luucht gaangen. Mir gehéieren zu deene Länner op der Welt, wou d'Liewenserwaardung héich ass an den Encadrement fir eeler Leit éischer gutt fonctionnéiert. Mir vergiessen awer dacks hinnen nozelauschteren, hir Expérience ze valoriséieren an hire Rôle an der Gesellschaft eescht ze huelen.

An enger Zäit, wou den Extremismus op der Welt net verschwonnen ass, mee a verschiddene Länner esouguer nees nei Wand an d'Seegele kritt, brauche mer awer d'Stëmm vun deene Leit, déi méi wäit no hanne kucken, ewéi mir. Meng Generatioun huet kee Krich an eise Géigenden erlieft, mir sinn net Affergivun Exklusivitéit an Ennendréckung. Mir hunn net misse materliewen, wéi eis Elteren, eis Geschwëster, eis Schoulkummers a Frënn hiert Liewen am Krich verluer hunn. Mir hunn och net misse fäerten, dass eis Fräiheet a Gefor ass, dass alles, wat eis wichteg ass ka verluer goen. Et feelt eis dofir en Deel vum Bewosstsinn fir dat, wat ka geschéien, wann een déi Kräfte, déi d'Leit ausereneen driewen einfach gewäerde léisst.

Mir solle méi nolauschteren an eis Zäit huelle fir eis Elteren a Grousselteren, mir sollen eis Zäit huelle fir ze léieren, fir eppes mat ze huelle vun deem Wëssen, wat mir eleng net kënnen hunn.

Monseigneur,

Dir Dammen an Dir Hären,

Lëtzebuerg huet eng Geschicht, ewéi wéineg Länner op der Welt. Mir si joerhonnertelaang vu verschiddene Muechte regéiert ginn. Eist Land huet vill geännert, d'Landesgrenzen an eis Sprooch hunn sech eréischt iwwert laang Zäitabschnëtter gefestegt. E Gefill fir Heemecht, fir Begrëffer ewéi Natioun oder Patriotismus si relativ jonk. Eréischt, wéi eis Souveränitéit a Fro gestallt war, hu mer se erkannt.

Haut si mer e staarke Partner an der Welt. Haut hu mir eis Identitéit, eis Gewunnechten an eis gemeinsam Sprooch. Eis Eegestännegkeet an Onofhängegkeet gëtt net a Fro gestallt.

An de nächste Méint wäerten zu Lëtzebuerg vill iwwert eis Zukunft schwätzen. De Modell, dee sech bewäert huet, gëtt diskutéiert an mir stellen d'Weihe fir déi nächst Joren an Joerzénge.

Gläichzäiteg gëtt et och an der Europäescher Unioun en Debat iwwert d'Fro, wéi mer deen eemolege Friddensprojet vun enger Staatgemeinschaft weider wëllen zeechnen.

Als Grënnungsmitglied vun der EU spille mir do eng konstruktiv Roll. Mir liewen Europa an eisem Alldag a mir wëssen, dass d'Europäesch Unioun eis och als Land méi staark mécht. Mir verléieren net u Eegestännegkeet duerch eise Rôle an der EU, mee mir gewannen u Souveränitéit. Mir sinn e gläichwäertege Partner, mir sinn derbäi an Hëllef mat de Plang zeechne mat deem de Projet Europäesch Unioun weider an ausgebaut soll ginn.

Dat gëtt elo zu enger zentraler Aufgab fir eis alleguerten. Mir dierfen, déi Wäerter, déi eis zu Lëtzebuerg wichteg sinn an déi mir och op europäeschem Niveau héich halen a verdeedegen net op d'Spill setzen. Mir dierfen net eppes a Fro stellen, alleng well et dee méi einfache Wee ze si schéngt. Solidaritéit, Toleranz, Respekt vun de fundamentale Mënscherechter gehéieren zu eiser DNA an ech erwaarde vun eis, dass mer och dozou stinn.

Mir hunn an de leschte Joren an Europa vill gestriden, mee nach vill méi hu mer gemeinsam Léisunge fonnt a Krisen iwwerstanen. Länner, déi virun e puer Joer ouni Europäesch Unioun um Enn gewiescht wieren, hunn sech erëm erkrift. De Chômage ass am Gaang erof ze goen an déi Jonk hunn nees Perspektiven. Et wier méi einfach gewiescht déi Länner, déi vun der Wirtschaftskris am stäerkste getraff waren, sech selwer ze iwwerloossen. Haut wësse mer, dass et richteg war, dee méi schwierig an och onpopuläre Wee ze goen.

Prinzipien dierf een net iwwer Bord geheien, well se zu engem gewëssenen Ament net dem Zäitgeescht entsprechen, soss sinn et keng Prinzipie méi, mee just nach eidel Wieder.

Loosst eis zu eise Prinzipien an zu eise Wäerter stoen a loosst eis an deenen nolauschteren, déi genee wëssen, wat et heescht fir eppes riicht ze stoen.

*Vive eise Grand-Duc*

*Vive déi groussherzoglech Famill*

*a vive eist Land*